Sektioun
LSAP Gemeng Monnerech

Monnerech, den 25. September 2023

Un de Schäfferot vun der
Monnerecher Gemeng

**Betrëfft:** Interventioun fir de Gemengerot vum 29. September 2022

Här Buergermeeschter,
Madamm an Här Schäffen,

Am Kader vum Gemengegesetz a vum interne Reglement fir d' Organisatioun vum Gemengerot, biede mir Iech des Interventioun, op d' Dagesuerdnung vun der Gemengerotssëtzung vum 29. September 2023 ze setzen.

***Katzebaach am Park Molter***

*Den Här Buergermeeschter hat schonn Ufank dëses Joers esou wie bei der Re-Ouverture vum Park-Molter matgedeelt, dass de Problem vun der Verknaschtung vun der Kazebaach definitiv geléist konnt ginn. Mir wëssen dass eng Rei vun Kanaluschlëss vun Haiser aus der Rue de Limpach net korrekt waren a redresséiert goufen.*
*Trotzdeem hu mir iwwert de Summer festgestallt dass ëmmer erëm Zeeche vu Verknaschtung opgetaucht sinn. No gréissere Reeschaueren waren ëmmer erëm Iwwerreschter vun Toilettëpabeier laanscht Kazebaach verstreet. (Am Unhang sinn e puer Fotoen vum Juli 2023 bäigeluecht)*
*Sécherlech sinn des Verknaschtungen nëmme sporadesch. De Problem schéngt awer net ganz geléist. Et wier wichteg wann d' Verknaschtung vun der Kazebaach definitiv kéint geléist ginn, net nëmmen am Interêt vun der Gesondheet vun de Besicher vum Park mee virun alle am Sënn vun der Verbesserung vun der Waasserqualitéit vun eise Baachen.*

*Dofir eis Froen un de Schäfferot*

- *Weess de Schäfferot vun dëse periodesche Verknaschtungen vun der Kazebaach am Park?*
- *Sinn do Aarbechten zu laaschten vun der Gemeng ausgefouert ginn, déi net dem erwaarte Resultat entspriechen?*
- *Wat ass de d' Ursaach vun dëse Verknaschtungen, oder wat gëtt ënnerholl fir dem Problem op de Grond ze goen?*
- *Wat huet de Schäfferot wëlles hei ze ënnerhuelen fir dem Problem op de Grond ze goen an de Problem definitiv ze léisen?*

Mat beschte Gréiss.

Conseilleren vun der Sozialistescher Partei.

*Danielle BASTIAN ép. JUCHEM*
*Anne BECKER*
*John VAN RIJSWIJCK*

*Fotoen Park Molter Kazebaach Juli 2023*





